



N° 6527  
Reçue le 22.07.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 22.07.2022

Fernand ETGEN  
President vun der  
Chamber vun den Deputéierten  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.**

Et gouf vu Säite vum Verdeedegungsministère a vun der Arméi ugekënnegt, dass ee gemeinsame Batailloun tëschent Lëtzebuerg an der Belsch soll realiséiert ginn. Dem Chef d'Etat Major sengem Interview vum 1te Juli 2022 op RTL no, solle 700 Leit an dës Batailloun kommen, wouvunner Lëtzebuerg d'Hallschent, also 350 Zaldoten, stelle soll. Dës 350 Zaldote missten, dem Chef d'Etat Major no, net zousätzlech rekrutéiert ginn, well ee scho kéint op ee Pool vun 250 Zaldoten zeréckgräifen, déi scho fir d'NATO disponibel sinn. Et misst een deemno "nëmmen" zousätzlech 100 Zaldote rekrutéieren, fir de Batailloun kënnen z'assuréieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:


1. Wéi vill Zaldoten a wéi vill *Militaire de Carrières* feelen aktuell bei der Arméi?
2. Ass bei deene genannten Zuele vun 100 zousätzlechen Zaldoten och den aktuelle Personalmangel matagerechent? Falls net, wéi vill Zaldote mussen zousätzlech zum Batailloun nach agestellt ginn?
3. Wéi vill Zaldote wieren mam Aféiere vum Batailloun nach fir aner Missiounen (z.B. OMP) disponibel a wéi wäert de Minister dofir suergen, dass et méiglech bleift, fir dës Missiounen oprecht z'erhalen?
4. Wéi wëll d'Arméi an Zukunft hire Missiounen heiheem gerecht ginn, wann eng Majoritéit vum operationellen Deel vum Personal am Ausland stationéiert wäerte sinn?
5. Gëtt d'Personal vun der Arméi an Zukunft duebel verplangt, fir souwuel am binationale Batailloun, wéi och op enger OMP-Missioun, deelzehuelen? Gëtt d'Personal och schonn aktuell duebel verplangt a falls jo, fir wéi eng Aktivitéiten?
6. Wéi wäert d'Fro vun der Proprietéit vun den Infrastrukturen an dem Material am Batailloun gehandhaabt ginn?
7. Ass virgesinn, fir dee logisteschen Deel direkt mat an der Belsch ze stationéieren?



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)

8. Wéi wäerten d'Militärausgabe vum gemeinsame Batailloun Lëtzebuerg an der Berechnung vun den NATO-Bäiträg zegutt kommen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc

Député

